Beschreiwung vun den Atelieren:

## Vulleklack:

D’Kanner si gewuer ginn, wat Vullen am Wanter iessen;
D’Kanner hun d’Bengelen ofgeschlaff, sie hun 2 Dréit duerch d’Bengele gestach, fir dass d’Vulleklack kann opgehaang ginn.
Sie hu gesinn, wéi de Schmalz zesumme matt Sonneblummekären geschmolz a rem festginn ass an hun zesummen matt der Léierin d’Mass an d’Klack geschott. All KAnd krut seng Vulleklack matt heem.

## Geschécklechkeets-, Reaktiounsatelier an e Schnéiflackendanz:

1) Ennert 20 Puer Händschen (déi sech gläichen): wee fënnt am schnellsten déi zesummepassen, muss se undoen an d'Hänn an d'Luucht strecken
2)Schnéiflacken (=kleng Wattekugelen) mat Klamere weiderginn ouni ze falen an ouni mat den Hänn unzepaken
3)Kaweechechen = Wanterrou
Kéisecker =Wanterschlof
Fräsch = Wanterstarre
(ech soen déi verschidden Déieren an d'Kanner mussen duerch Mimik all Kéier dat Passend duerstellen; wee falsch mécht a sech net ka konzentréieren muss aus dem Spill eraus an hëllefen oppassen. Wee gewënnt??)
4)E Schnéiflackendanz mat Bännercher a Wattebällercher; als Ofschloss leien d'Schnéiflacken um Buedem an d'Loft (=e Staubwedel) këddelt se um Kapp, Gesiicht...)

## Sprooch an Eveil aux sciences  Summer – Wanter:

Et läit e Summerbild an e Wanterbild um Buedem, déi d’Kanner gesinn a beschreiwen.
Ronderem leie ganz vill kleng Biller deen emgedréinte Wee um Buedem (si gesinn net wat um Bild gemolt ass).
Ee Kand nom anere hellt ee Bild dréint et em, weist deenen aneren et, beschreift et an leet et bei dat passend, méi grousst Summer- resp. Wanterbild. Wann e Kand d’Wuert, de Begrëff net kennt, hellefen déi aner Kanner wieder.

**WANTERSTEMMUNG**
**oder e Fangerspill mat Schnéimusek**

1.D'Kanner léieren e Gedicht vum Schnéi mat entspriechenden Gesten derzou. D'Kanner kréien dënne Pabeier (z.B. Seidepabeier) a Watt fir domat z'experimentéieren wéi d'Schnéiflacken duuss eroffalen (z.B. vun enger Hand an di aner fale loossen).
2. D'Kanner probéieren elo duuss Kläng aus andeems si dest Material an och nach anert (kleng Wuessstécker a liicht, kleng Bäll ) op Klakkespiller an op eenzel Klangstief fale loossen .
3.D'Kanner ginn an 2 Gruppen agedeelt. Déi eng Halschecht mecht e Viirspill mat dem kënschtlechen Schnéi an den Instrumenter a spille weider wärend di aner Halschecht den Text schwätzt mat de Bewegungen derbäi. D'Gruppen gi gewiesselt.

# Et huet geschneit

*E Fangerspill mat Schnéimusek*

Séier, komm eraus
Schnéi läit virum Haus.

Wäiss Flacken iwwerall
Si vum Himmel gefall.

Voll Schnéi ass de Wuess
An och meng kleng Nues.

Mutz a Box gi naass
Vum Schnéi an der Gaass.

Mir laachen a sprangen
Mir danzen a sangen.

A ruffe „Juppi“!
Vill Schnéi wéi nach ni!